N°2013
Entrée le 26.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 2013 vum 5. Mäerz 2025 vun der Madamm Deputéiert Claire Delcourt a vum Här Deputéierte Mars Di Bartolomeo.**

Déi honorabel Deputéiert stelle Froen zu de Chantieren op den Autobunnen A3 an A4.

D'Bauaarbechte (Genie civil) konnte wéi annoncéiert am Dezember 2024 ofgeschloss ginn.

Et koum awer leider zu engem Retard duerch d’Ausschreiwung vun de Portiquen, déi och fir d’Uweise vum Covoiturage genotzt sollte ginn. Dës Ausschreiwung huet missten annuléiert ginn, well d'Offeren net de virgeschriwwene Konditiounen entsprach haten.

Deemno gouf nieft leschte Marquage-Aarbechten an enger éischter Phas decidéiert eng statesch Beschëlderung opzestellen, déi elo um Deelstéck a Richtung Stad esouwäit realiséiert ass.

Den éischten Tronçon tëscht der Aire de Berchem an dem Gaasperecher Kräiz ass den 23. Mäerz 2025 a Richtung Stad fir de Verkéier opgaangen. Am Abrëll wäert dann och d’Deelstéck a Richtung Aire de Berchem opgoen, esou dass dann an all Richtung den Automobilisten*innen am Covoiturage eng affektéiert Spuer zur Verfügung steet.

Et ass nach ëmmer geplangt de kompletten Ausbau no Planning fäerdegzestellen.

Op der Autobunn A4 lafen am Moment d’Ëmbauaarbechte vum Echangeur Steebrécken. D’Aarbechten déi aktuell lancéiert sinn, wäerte bis Enn 2026 komplett ofgeschloss sinn.

Weiderhi lafen d’Etudë fir den Ëm- an Ausbau vun de Verdeeler Leideleng-Süd an -Nord, respektiv fir d’Fluidificatioun vum Verkéier an der Brëtell um Zéissenger Kräiz, wann ee vun der Autobunn A4 op d’A6 a Richtung Gaasperecher Kräiz fiert. Donieft lafen dann och Planunge betreffend der Optimisatioun vum Tronçon A13-A4-A13 tëscht Féiz a Lankelz.

Generell gëtt um gesamten Autobunnsreseau ëmmer versicht gréisser Chantieren esou ze coordonéieren, dass 2 Spueren an all Richtung fir de Verkéier op sinn.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Identesch wéi beim Chantier op der Autobunn A3, ass och op der A4 ugeduecht, ëmmer 2 Spuere pro Richtung fir de Verkéier oprecht ze halen. Falls Spärungen néideg sinn, wäerten déi Weekends gemaach ginn an och an Ofstëmmung mat anere Chantieren um Stroossereseau.

Lëtzebuerg, den 25. Mäerz 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes